# Bei de Kanner muss déi Lëtzebuerger Sprooch Prioritéit sinn!

Pressecommunique-Wee2050-nee2015-14.4 .pdf (162.4 KiB)

**Wee2050 nee2015** Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, 14.4.2016

**Bei de Kanner muss déi Lëtzebuerger Sprooch Prioritéit sinn!**

Integratioun, sozialen Zesummenhalt an Chancëgläichheet fonctionnéieren nëmmen mat enger gemeinsamer Sprooch: d'Lëtzebuerger Sprooch.

Dofir ass et wichteg, dass déi vill auslännesch Kanner d'Lëtzebuerger Sprooch sou séier wéi méiglech léieren an der Crèche, am Précoce an an der Spillschoul.

De Projet vum Minister Meisch gesäit elo fir, dass d'Franséischt eng ëmmer méi grouss Platz kritt, wat logescherweis zu enger Ofwäertung vum Lëtzebuergeschen wäert féieren.

Mir schléissen eis der Kritik vun der Députéierte Françoise Hetto-Gaasch a vun Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg un: "Komm mir festege mol dem Kand seng Mammesprooch, oder komm mer festege Lëtzebuergesch, amplaz dass mer probéieren, esou villes beieneen unzepaken."

An mir soen, dass een d'Kanner, an ganz besonnesch déi auslännesch Kanner, déi schonn vun doheem aus eng ganz aner Sprooch schwätzen, net schonn sou fréi mat enger zousätzlecher Friemsprooch (Franséisch) soll belaaschten.

Mir däerfen och net déi Kanner vergiessen, déi Problemer mat Sprooch, Schwätzen an Héieren hunn. Fir si ass et besonnesch wichteg eng Sprooch lues a lues ze festegen.

Mir erënneren un d'Aussoen vum Bildungsfuescher Romain Martin (uni.lu):

*"Er (R. Martin) habe aus dem Referendum herausgehört, so Martin, dass Luxemburger einen „ganz, ganz großen Wert auf die luxemburgische Sprache" legten. Voraussetzung für eine Alphabetisierung auf Französisch sei, Kinder schon im Spielschulalter an Französisch heranzuführen. **Dann aber würde Luxemburgisch in den Hintergrund treten, was offensichtlich keiner wolle**."*
*(http://www.land.lu/2015/08/21/schicksalsfrage-sprachen%E2%80%A9/)*

*"Bildungsforscher Professor Romain Martin schlägt vor: "Vielleicht sollte der Lernprozess in der Grundschule zeitlich so gestreckt werden, dass die Einführung des Französischen nicht so nahe auf den Alphabetisierungsstart im Deutschen erfolgt." Er ist sich sicher: **„Die Schullaufbahn ist lange genug, um Fremdsprachen auch etwas später erfolgreich zu lernen.**""*
*(http://www.wort.lu/de/lokales/franzoesisch-als-erste-sprache-in-der-schule-forscher-sind-skeptisch-52fe4cdce4b06ebe161802a7)*

A Punkto Méisproochegkeet: Dem Ministère seng Internetsäit ass eesproocheg....